mouvement
écologique

Un all Member vum
Mouvement Ecologique

Lëtzebuerg, den 7. Mäerz 2024

Léiwe Member,
Dir sidd häerzlech agelueden op de

# Kongress 2024 vum Mouvement Ecologique

## mat - nieft dem statutareschen Deel - engem Austausch mam Ëmweltminister Serge Wilmes



**Donneschden, den 21. Mäerz 2024 um 18.15 Auer**
**am Oekozenter Pafendall**
**6, rue Vauban, Lëtzebuerg**

Léiwe Member, et wier ganz wichteg a flott, datt Dir op de Kongress kommt, och wann Dir soss net aktiv sidd am Mouvement Ecologique. Duerch Är Präsenz um Kongress weist Dir Är Solidaritéit an Är Ënnerstëtzung fir de Mouvement, weist den Aktiven, datt sech hiert Engagement lount. A natierlech kënnt Dir och positiv oder kritesch Umierkunge maachen. Grad an dësen Zäiten ass et wichteg, sech gemeinsam esou weiderhi Courage ze maachen!

An et ass sécherlech interessant, dem neien Ëmweltminister „de Bols ze fillen“.

Mir wëllen den Owend zesumme bei engem Patt a „Walking Buffet“ gemittlech ausklénge loossen. Do kënne mir jo weider iwwert déi haiteg Erausfuerderunge méi entspaant schwätzen.

Méllt Iech dowéinst wgl onbedengt bis den 19. Mäerz allerspéitstens un: meco@oeko.lu.

You find an invitation in English on www.meco.lu - but the meeting will be held in Luxemburgish.

Vous trouvez une invitation en français sur www.meco.lu. - la langue parlée sera le luxembourgeois

# Den Oflaf vum Kongress 2024

18.00 **Accueil vun de Memberen**

18.15 **Begréissung a Ried vun der Presidentin Blanche Weber**

18.30 **De Bilan vun den Aktivitéite vum Joer 2023, mat engem Ausbléck an d'Zukunft, opbereet mat Biller an enger klenger Analyse wat erreecht gouf vu:**

- Mouvement Ecologique a move.
- Oekozenter Pafendall
- Stëftung Oekofonds,
- Klima-Bündnis Lëtzebuerg

*Remarken / Ureegunge vun de Membere sinn erwënscht. Gäre kënnt Dir eis se och am Virfeld matdeele via meco@oeko.lu.*

18.50 **Bilan 2023 - Budget 2024**
**Finanzrapport vum Tresorier a vun de Keesen-Revisoren - Decharge**

19.00 **Decharge vum Verwaltungsrot**
**Neiwal vu Membere vum Verwaltungsrot a vun de Keesen-Revisoren**

**Fräi Aussprooch**



19.15 **D‘Prioritéite vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit S. Wilmes**


© SIP/Claude Piscitelli

De Minister S. Wilmes wäert fir d’éischt seng Prioritéiten duerleeën.

Duerno wäert de Minister sech de Froe stellen, woubäi
e.a. follgend wäerte vum Mouvement Ecologique aus gestallt ginn:

- U wéi enge konkrete Resultater a Moossname well de Minister um Ënn vun der Legislaturperiod fir seng Aarbecht gemooss ginn?
- Wat si déi konkret Prioritéiten a Moossname vum Ëmweltministère am Beräich Biodiversitéit a Klimaschutz?
- Wat versteet déi nei Regierung konkret ënnert dem Ausdrock „pragmatesch Ëmweltpolitik“? Betrëfft dat Prozeduren oder och Inhalter?
- Wéi gesäit den Ëmweltminister säi Rôle an den Theme vun der Logements-, Landwirtschafts- an der Wirtschaftspolitik: „Natur auf Zeit“, Erhale vu Gréngs an den Uertschaften, Reform vum Agrargesetz, Färderung vum Biolandbau, Reduktioun vun de Pestiziden, Krittäre fir d‘Zouloossung vun neie Betriber…?

*De Minister wäert an engem éischten Deel op dës Froestellungen agoen.*
**Duerno ass Zäit fir en Austausch mam Sall.**

**Ofschloss bei engem Patt a „Walking Buffet“**

**Wéinst dem Iesse wier et léif, wann Dir Iech géift mat Zäiten umellen:
meco@oeko.lu oder Tel. 439030-1**



Blanche Weber
Presidentin



Emile Espen
Tresorier



**Falls Dir soss Remarken zu oder Ureegunge fir d'Aktivitéite vum Mouvement Ecologique hutt, deelt eis et mat: meco@oeko.lu.**

## Zu Fouss / mat Bus / Zuch op de Kongress

**Zu Fouss:** Aus der Uewerstad mam Panorama-Lift (Agang am Park "Pescatore", da ca. 4 min. bis bei den Oekozenter oder zu Fouss vum Fëschmaart an de Pafendall (ca. 10 min.).

**Mam Bus:** Bus AVL No. 23 a No. 26 Haltestelle "Théiwesbuer" oder Vauban.
Alternativ: mat enger Bus-Linn bis bei d'Fondatioun Pescatore an da mam Panorama-Lift an de Pafendall. Infoen zu de Busverbindungen: www.mobiliteit.lu

**Mam Zuch:** aus dem Norden oder vun der Gare-Lëtzebuerg bis op d'Gare Pafendall-Kierchbierg, duerno ca. 10 min. zu Fouss bis bei den Oekozenter.

**Mam Vëlo:** aus der Uewerstad ënner anerem mam Panorama-Lift an de Pafendall - oder mam Zuch vun der Gare-Pafendall aus. En iwwerdaachte Vëlosstand ass direkt beim Oekozenter

**Mam Auto:** am beschten um Parking "Glacis" parken an da mam Panorama-Lift (Agang am Park "Pescatore", da ca. 4 min. bis bei den Oekozenter). Am Pafendall si ganz wéineg Parkplazen.